LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Luxembourg, le 6 mai 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
06 MAI 2019

Le Ministre de l'Économie
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

L-2450 LUXEMBOURG

Réf. : Co/QP603-02/JM-rg

Objet: **Question parlementaire N° 603 du 4 avril 2019 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Étienne Schneider

Dossier suivi par : Judith Meyers, tél : 247-84349 ; email : judith.meyers@eco.etat.lu

19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 46 04 48
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.public.lu
www.gouvernement.lu/meco
www.luxembourg.lu

126.000010.20040525.FR

Äntwert vum Här Vize Premierminister a Wirtschaftsminister, Etienne Schneider, op d'parlamentaresch Ufro nr 603 vum 4. Abrëll 2019 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser.

D'Bréifpost ass zënter dem Gesetz iwwert Postzerwisser vum 26. Dezember 2012 komplett liberaliséiert. Et kann een an deem Zesummenhang also net méi vun ëffentlechen Déngschtleeschtungen schwätzen.

Daat selwecht Gesetz seet a sengem Artikel 29§1 iwwert d'Principes tarifaires ënnert anerem dass d'Tariffer sech un de Käschte sollen orientéieren.

De Volummen u Bréiwer deen haut des Daags nach vu Privatleit verschéckt gëtt ass zënter Joren staark réckleefeg. Et sief och bemierkt, datt verschidde Präisser (notamment déi vun de Colisen) den 1. Mee erof ginn. De Präis vum Timber ass am Präiswuerekuef enthalen a gëtt also duerch den Indexmechanismus kompenséiert. Et ass also net dervun auszegoen dass d'Präisadaptatioun vum 1. Mee 2019 sech à terme negativ op d'Kafkraaft vun de Leit auswierkt.

Déi Tariffer, déi hei zu Lëtzebuerg applizéiert ginn, si vergläichbar mat deenen déi am Ausland praktizéiert ginn a ginn, am Iwwregen, vum ILR approuvéiert.

D'Tarifpolitik vun der POST ass Aufgab vum Verwaltungsrot. De Minister war vun der Postdirektioun au courant gesat ginn dass si dem Verwaltungsrot des Hausse vun den Tariffer géing proposéieren.

D'Post schafft kontinuéierlech un der Verbesserung vun hirem Service um Client an ass beméit hir Produkter an Zerwisser un di reell Besoinen vun hire Clienten unzepassen. Dat betrëfft esouwuel d'geographesch Präsenz wéi och d'Ëffnungszäite vun de Points de Venten.